# ***Meeschter am Handwierk***

De Meeschter am Handwierk ass déi Persoun déi am Betrib d'Leedung an d'Haaptverantwortung huet. Dëse soll d'Aarbechtsofleef vum Betrib optimiséieren an de Budget am Ae behalen.

## ***D' Beruffsbild vum Meeschter am Handwierk***

De Meeschter soll garantéieren dat seng Produiten an Déngschtleeschtungen op héijem Niveau sinn. E muss komplex Aufgaben an Tätegkeete kënnen ausféieren, woubäi en speziell Kenntnisser muss opweisen. Déi erfuerderlech Kenntnisser kënne mat der Zäit änneren an de Meeschter brauch nei Zertifikatioune fir kënnen säi Beruff fachgerecht auszeüben. Als Beispill lo mat der Elektromobilitéit, do muss de Meeschter sech ganz nei eraschaffen, dat ass eng ganz aner Technik. Dofir muss hien zousätzlech "Brevete" maachen.

No senger Ausbildung an nom Ofschloss vu senger Meeschterprüfung muss de Meeschter sech ëmmer nees op dem neisten technesche Stand bréngen. Hien muss sech **permanent** der Situatioun upassen a sech weiderbilden, sief dat duerch offiziell Formatiounen oder eben Auto-didaktesch. Net nëmmen am technesche Beräich muss en "up to date" sinn, mee och am Aarbechtsrecht , Teamféirung an Teammanagement muss en sech ëmmer nees weiderbilden.

Hien féiert e Betriber wou hie de Patron oder en Expert ass. Als Meeschter ass hien am Handwierk déi Persoun wou d'Leedung huet an d'Prozesser guidéiert a kontrolléiert an huet dofir dat néidegt theoretescht a praktescht Hannergrondwësse fir d' Entreprise am Grëff ze hunn. De Meeschter muss den Iwwerbléck hunn iwwer betribswirtschaftlech Zesummenhäng, fir dës vun der Theorie an d' Praxis ëmzesetzen, wéi plange vu betriblechen Acquisitiounen. Och ass hie verantwortlech fir d'Personal am Betrib dozou gehéiert d'Ausbildung an d' Weiderbildung vu Léierbouwen/Léiermeedercher an d' Weiderbildung vu senge Mataarbechter.

Wéi mer gesinn, huet de Meeschter also net nëmmen seng Fachkenntnisser mee och Rechnungswiesen, Betribswirtschaft, Existenzgrënnung an ugewannte Pedagogik geléiert. Am Betrib huet de Meeschter d'Verantwortung a muss d'Sécherheet vu senge Mataarbechter a senge Cliente garantéieren. Den Ëmgang mat geféierleche Substanzen a Maschinne stellt all Dag nei Erausfuerderungen. Hien dréit d'Verantwortung ganz eleng all op senge Schëlleren. E klengt Beispill, wann en e Wuert falsch schreift ass nach keen ëmkomm. Beim Meeschter ass dat anescht, kritt de Client den Auto erëm an d' Bremsanlag funktionéiert net richteg da kann dat schlëmm Suitten hu fir de Client an natierlech och fir de Meeschter.

Hei, dann en Auszuch aus dem Europäesche Qualifikatiounsrahmen, wou beschriwwe gëtt wat den Niveau 6 (Bachelor) muss kënnen.

(Quelle: https://eur-lex.europa.eu/legal-content/DE/TXT/HTML/?uri=CELEX:32017H0615(01)&from=DE)

| | | | |
|---|---|---|---|
| Niveau 6 (*2)<br>Zur Erreichung von Niveau 6 erforderliche Lernergebnisse: | fortgeschrittene Kenntnisse in einem Arbeits- oder Lernbereich unter Einsatz eines kritischen Verständnisses von Theorien und Grundsätzen | fortgeschrittene Fertigkeiten, die die Beherrschung des Faches sowie Innovationsfähigkeit erkennen lassen und zur Lösung komplexer und unvorhersehbarer Probleme in einem spezialisierten Arbeits- oder Lernbereich nötig sind | Leitung komplexer fachlicher oder beruflicher Tätigkeiten oder Projekte und Übernahme von Entscheidungsverantwortung in unvorhersehbaren Arbeits- oder Lernkontexten<br>Übernahme von Verantwortung für die berufliche Entwicklung von Einzelpersonen und Gruppen |